**Evangelium vun der Chrëschtnuecht (Joer A - B - C)**

**Lk 2,1-14**

1 Deemools koum en Uerder vum Keeser Augustus eraus, datt d'ganz Welt
sech aschreiwe loosse sollt.

2 Dëst war déi éischt Zielung, déi duerchgefouert gouf, wéi de
Quirinius Gouverneur vu Syrien war.

3 An alleguer goungen si sech aschreiwe loossen, jiddereen an seng Stad.

4 Och de Jouseph ass aus Galiläa, vun der Stad Nazareth, erop a Judäa
gaang, an d'Davidsstad, déi Bethlehem heescht – hie war nämlech aus dem
Haus an der Famill vum David –,

5 fir sech aschreiwen ze loosse mat der Maria, déi him versprach war an déi
an aneren Ëmstänn war.

6 Wéi si do waren, ass fir d'Maria den Dag komm, wou si nidderkomme sollt,

7 an si huet e Jong kritt, hiren Éischtgebuerenen. Si huet hien a Wëndele
gewéckelt an an eng Krëpp geluecht, well am Wiertshaus keng Plaz fir si war.

8 An deemselwechte Streech hunn Hierden um fräie Feld gelieft an nuets
bei hirer Häerd Wuecht gehal.

9 Dunn ass dem Här säin Engel op si duerkomm, an dem Här seng
Herrlechkeet huet si mat Liicht ëmginn. Eng freeschlech Angscht ass an si
gefuer,

10 ma den Engel sot zu hinnen: "Fäert net! Kuckt, ech verkënnegen iech eng
grouss Freed, déi fir dat ganzt Vollek bestëmmt ass:

11 Fir iech ass haut an der Davidsstad e Retter op d'Welt komm; hien ass de
Christus, den Här.

12 An dat hei ass d'Zeeche fir iech: Dir fannt e Këndchen, dat a Wëndele
gewéckelt ass an dat an enger Krëpp läit."

13 An op eemol war bei dem Engel eng grouss himmlesch Arméi [vun

Engelen], déi den Herrgott gelueft hunn a soten:

14 "Herrlechkeet dem Herrgott héich do uewenan op der Äerd Fridden de Mënschen, déi an senger Gonscht stinn!"